

me fir d'Carrière supérieure gepackt hunn, sech duerno nach engem zousätzlechen Examen an/oder Interview an dem Ministère oder der Verwaltung ënnerwerfen, wou si e Poste briguéieren. Duerno gëtt dee Kandidat zréckbehalen, deen dem Profil, deen erfuerdert ass, am beschten entsprécht.

Wat elo déi Etablissements publics ubelaangt, déi Der ugeschwat hutt, do ass jo eent wat besonnesch an deem Kontext ervirstécht, dat ass de Centre d'affiliation d'Caisse de maladie, wou ech festgestallt hunn, dass an der Vergaangenheet d'Administration ganz oft déi Kandidaten, déi iwwerqualifizéiert waren, besonnesch fir d'Carrière vum Expéditionnaire, einfach refuséiert huet mat dem Argument, dass se gesot huet déi do komme souwisou nëmme just fir eng kuerz Zäit, déi profitéiere vun der Geleeënheet fir d'Coursen am IFA ze suivéieren, wa se dat da gemaach hunn, da stellen se sech deem nächste Concours fir an d'Carrière moyenne eranzekommen a wa se dee gepackt hunn, da gi se eis verluer. Dat ass d'Ursach firwat mer déi Leit net méi wëlle bei eis astellen.

Ech muss lech soen, dass dat keng richteg Approche ass, well Dir hutt gehéiert wéi vill Leit sech momentan bewerbe fir bei de Stat ze kommen, och an der Carrière vum dem Expéditionnaire. Ech sinn der Meenung, dass déi Leit, déi hei d'Chance kréien iwwert de Wee vum Expéditionnaire bei de Stat eranzekommen, déi Chance misste kënne wouerhuelen, well ganz oft handelt et sech hei ëm Kandidaten, déi net déi noutwendeg Voraussetzungen erfëlle fir den Examen-concours an der Carrière vum Redakter ze packen, well se eben aus engem Ordre d'enseignement kommen, notament aus dem Enseignement technique, deen net esou spezifesch d'Leit op d'Examen an der Carrière moyenne vum Redakter virbereet. Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech soen lech merci fir Är Opmierksamkeet.

M. le Président - Domat wier d'Heure de questions ofgeschloss. Mir kommen elo zur Diskussioun vum Projet de loi 5105 iwwert de Lëtzebuurger Bäitritt an d'Banque Asiatique de Développement. Et sief drun erënnert, dass bei deem Projet de loi 5105 nom Artikel 114 vun eiser Verfassung ofgestëmmt gëtt. Dat heescht, dass mindestens dräi Véirel vun den Deputéierte musse present sinn, an datt de Projet mat enger Majoritéit vun zwee Drëttel muss ugeholl ginn.

D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. Et si schonn agedroen déi Hären: Krecké, Graas, Henckes a Bausch. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorablen Här Lucien Clement.

5. 5105 - Projet de loi relatif à l'adhésion du Luxembourg à la Banque Asiatique de Développement

Rapport de la Commission des Finances et du Budget

M. Lucien Clement (CSV), rapporteur.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Lëtzebuerg ass weltwäit eent vun deene Länner mat der héchster proportionaler Leeschtung an der Entwécklungshëllef. 0,85% vun eisem Bruttoinlandsprodukt investéiere mer an deem Joer an d'Kooperation. An e puer Joer wäert et e ganze Prozent sinn, wat jo och d'Zilsetzung vun eis ass.

Dëst Engagement an der Entwécklungspolitik verflucht eis awer och stänneg déi Kanäl iwwert déi mer eis Leeschtung drainéieren nei ze iwwerdenken. Am Kontext vun der Kooperationspolitik muss een dofir de virleiende Projet gesi mat deem Lëtzebuerg der asiatescher Entwécklungsbank bäitriede wäert.

Et ass dëst eng regional Institution, déi sech am Kampf géint d'Aarmutt an Asien verschriwwen huet. Et gëtt dës Bank schonn zënter 1966. Am Verlaf vun der Zäit sinn 61 State Member dovu ginn, dovunner 44 aus Asien selwer.

An der Europäescher Unioun ass Lëtzebuerg nieft Griichenland an Irland eent vun deenen dräi Länner, déi nach net Member sinn. No deem Vote wäerten et der dann nach just zwee an der Europäescher Unioun ginn. D'asiatesch Entwécklungsbank vergëtt Prête mat deenen déi sozial Entwécklung weidergedriwwe soll ginn.

Institutionebildung gehéiert grad esou zu de Kärberäicher vun den Interventiounen vun dëser Bank wéi d'Ënnerstëtze vun der Zivilgesellschaft a vum Privatsektor. De Respekt an de Schutz vun der Ëmwelt esou wéi juristesche gesellschaftlech Reforme sinn am gläichen Otemzuch dozou ze nennen.

D'Ziler vun der asiatescher Entwécklungsbank sinn also mat deene vun eiser Entwécklungspolitik conforme. Virun allem d'Bekämpfung vun der Aarmutt ass, wéi mer dat all wëssen, e virdränglecht Zil vun der Lëtzebuurger Kooperationspolitik. Zwee Zillänner an Asien sinn de Laos an de Vietnam. De Vietnam zum Beispill ass gläichzäiteg ee vun den Hauptbénéficiairéi vun den Interventiounen vun dëser Bank, där Lëtzebuerg elo bäitriede soll. Hei gëtt et mat Sécherheet och ganz sénnvoll Iwwerschneidungen.

Mat dem Antritt an d'Kapital vun der asiatescher Entwécklungsbank erweidere mer de Spektrum vun den Instrumenter mat deene mir eis Kooperationspolitik bedriewen an och ergänzen. Mä net nëmmen dat. Mir bedriewen och aktiv Ënnerstëtzung vu Lëtzebuurger Betriber, déi op dem asiatesche Marché entweder scho present sinn oder et wëlle ginn. Si hunn de Bäitritt vu Lëtzebuerg zur asiatescher Entwécklungsbank mat ugeeregt. Lëtzebuurger Betriber kënnen an Zukunft un de Soumissiounen, déi d'Bank an Asien auschreift, deelhuelen, an esou hir Maartpresenz verstärken oder etabléieren, an dëst op engem Kontinent, deen duerch seng wirtschaftlech Dynamik an Zukunft mat Sécherheet wäert op sech opmierksam maachen. Déi héich qualifizéiert a motivéiert Main-d'oeuvre, déi a villen asiatesche Länner unzetreffen ass, ass dee beschte Garant fir e wirtschaftleche Wuesstum an domat vu gesellschaftlechem Fortschritt.

Konkret bedeit de Bäitritt zur asiatescher Entwécklungsbank fir Lëtzebuerg eng Dépense vu ronn 10 Milliounen Euro. Mir souscriviéiere grad esou vill Parten wéi zum Beispill Spuenien, Dänemark oder Holland dat gemaach hunn. Et sinn der 12.040, mä et brauche vun dëse Parten nëmme 7%, dat heescht ronn 847 Stéck libéréiert ze ginn. Dat passéiert zu 43% a Form vun enger direkter Geldanlag a fir déi reschtlech 57% a Form vu Bons du trésor. D'Contributioun a Form vu Geld ass gestreckt vun 2003 op 2006, während véier Joer also, an dat zu gläichen Deeler. Während fënnef Joer, tëschent 2003 an 2007, ginn d'Bongen amortiséiert.

Parallell zum Astieg an d'Kapital vun der asiatescher Entwécklungsbank trëtt eist Land dem asiateschen Entwécklungsfong bäi. Dat ass eng Konditioun fir iwwerhaapt kënne Member vun dëser Bank ze ginn. Dëse Fong ass dann och den eigentleche Gestionnaire vun de Préten, déi d'Bank accordéiert. Hei maache mer eng Contributioun vu ronn 35 Milliounen Dollar, respektiv de Géigewäert dovun an Euroen. Bezuelte gëtt dës Zomm integral a Form vu Bons du trésor, an zwar an zwou gläichen Tranchen dëst Joer an d'nächst Joer. D'Bonge ginn dann awer iwwert den Zäitraum vun 2003 bis 2007 amortiséiert.

De Statsrot huet sech a sengem Avis mat der Zilsetzung an dem Inhalt vum Projet averstanen erkläert. Déi redaktionell Ännerungen, déi hie proposéiert hat, goufen och esou vun der Kommissioun iwwerholl.

De Statsrot huet nach drop higewisen, dass de Conseil des Gouverneurs vun der Bank d'Kompetenz huet Statutenännerungen ze beschléissen, an zwar ouni eng weider Interventioun vun deenen eenzelne Memberstaten. Mat dem Bäitrittsgesetz ginn d'Statute vun der Bank an hirem aktuellen Zoustand um Dag vum A-Kraaft-Triede vum Gesetz akzeptéiert. Well awer eventuell spéider Modifikatiounen vun de Statuten sech ouni formell Akzeptatioun vun de Memberstate vollzéien, geet de Statsrot dovun aus, dass mer et hei am Sënn vum Artikel 49bis vun eiser Constitution, mat enger Dévolutioun vu Pouvoiren iwwer Traitéen ze dinn hunn. Aus deem Grond, Här President, suggéiert de Statsrot, dass mer dëst Gesetz mat Verfassungsmajoritéit stëmme sollen, an dat laut dem Artikel 114 Ofsaz 5.

Dëser Appréciatioun vum Statsrot huet d'Finanzkommissioun sech ugeschloss. Lëtzebuerg gëtt hei Kompetenzen of, an zwar un eng Institution de droit international, dem Conseil des Gouverneurs. Aus dëse Grënn recommandéiert dann och d'Finanzkommissioun, wéi ech scho gesot hunn, de Vote vun deemem Projet mat constitutioneller Majoritéit.

Zum Schluss wëll ech nach soen, dass d'CSV-Fraktioun dëse Projet stëmme wäert, an dass ech hoffen, dass déi aner Fraktiounen en och mat droen. En ass mat Sécherheet e wichteg neit Element an der Landschaft vun eiser Kooperationspolitik.

Ech soen lech merci fir Äert Nolautschteren.

M. le Président.- Als éischten Diskussionsriedner ass den Här Jeannot Krecké agedroen. Här Krecké, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

M. Jeannot Krecké (LSAP).- Här President, no den Ausféierunge vum Här Clement kann ech den Accord vun eiser Fraktioun bréngen. Et ass zwar eppes, wat vun de Chiffren hier vläicht mag erschrecken, mä wa mer wëllen am Concert vun deenen normalen a groussen Natiounen matspillen, da musse mer hei matmaachen.

M. le Président.- D'Wuert huet den Här Gusty Graas.

M. Gusty Graas (DP).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et gëtt eng Rei vu Gesetzesprojeten, déi u sech d'Chamber passéieren esou wéi une lettre à la poste. Et kënnt een dat heite Gesetz an déi Kategorie areien, trotzdeem mengen ech awer, dass ee soll e puer Reflexiounen iwwert dee Gesetzesprojet maachen.

Wann een de Wirtschaftswuesstum hei am Land an deene leschten zwee Joer analyséiert, da stellt een natierlech fest, dass deen extrem séier zréckgaangen ass. Eis Ökonomie huet sech effektiv e bëssen erkaalt an da gëtt et ganz séier Leit, déi da scho vun enger Kris schwätzen. Wann een awer emol e Bléck iwwert d'Grenz werft, da gesäit een, wat wierklech eng Kris duerstell an dofir ass et wichteg, dass mer eis mat esou Projeten hei beschäftegen, well et gëtt jo awer eng Rei vun Deeler vun der Welt, wou d'Situatioun vill méi grave ass wéi hei zu Lëtzebuerg.

Et brauch een nëmmen a Südamerika ze kucken, an Afrika, an Osteuropa, virun allem awer och an den

asiatesche Raum. Dofir ass et u sech wichteg, dass mir als Lëtzebuurger Land eng geziilt Entwécklungshëllef leeschten. Dat mannst, wat ee jo ka soen, ass, dass Lëtzebuerg do eng Virreideroll spillt, sief dat um Niveau vum Stat, sief dat awer och um Niveau vun eenzelne Gemengen oder vun ONGen.

D'Zil vun dëser Regierung ass jo effektiv fir 1% vum PIB bis zum Enn vun dëser Legislaturperiod als Entwécklungshëllef ze leeschten. Dofir ass et scho luewenswäert, dass mer dee Schrëtt hei ënnerhuelen an décidéiere fir der Banque asiatique de Développement bäizetrieden. De Rapporteur huet dat schonn ënnerstrach. Et sinn u sech nëmmen nach dräi Länner aus der Europäescher Unioun, dorënner Lëtzebuerg, déi bis dato net Member sinn, esou dass et och der Meenung sinn, dass et eis als Lëtzebuerg gutt zu Gesiicht steet, wa mer dëse Schrëtt haut hei ënnerhuelen.

Wann een elo kuckt, wat fir eng déi Haaptbenefiziente vun deene Kreditter sinn, da gesäit een, dass Länner drënner sinn, wou et vläicht net ëmmer esou ganz genee mat de Mënscherechter geet. Ech denke virun allem hei u China. D'Fro, déi ee sech awer da soll stellen, ass déi, ob net och sollen esou Moossnamen da gekoppelt si mam Appel un esou Länner Efforten um Niveau vun de Mënscherechter ze maachen.

Natierlech, an dat ass eng Tatsaach, stinn hannert dem Bäitritt zu der BAD net nëmme reng human Iwwerleungen, mä natierlech och wirtschaftlech Interessen. Dat ass mat Sécherheet guer keng Onéier. Et dierf een net vergiesen, dass mer haut an enger globaliséierter Welt liewen, a besonnesch Lëtzebuerg ass jo méi wéi jee ofhängeg vun den auslännesche Mäert. Ech wëll an deem Kontext emol aus der Regierungserklärung vun 1999 zitéieren, wou dra steet: «La globalisation croissante de l'économie mondiale exige un renforcement des instruments qui régissent les échanges commerciaux multilatéraux». Eent vun deenen Instrumenter ass mat Sécherheet de Bäitritt zu där Bank hei, well dat wäert enger Rei Lëtzebuurger Betriber et erlabe vläicht nach méi e staarke Fouss am asiateschen a pazifische Raum ze faassen.

Ze begrëssen ass awer och, dass d'Objektiver vun där Bank net nëmme reng wirtschaftlecher Natur sinn, mä dass doriwwer eraus awer och aner Objektiver verfollegt ginn. Ech denken zum Beispill un déi sozial Entwécklung, u juristesche Reformen oder virun allem awer och un den Ëmweltschutz. An deem Kontext kann een hei op en interessante Projet hiweisen, deen d'BAD 2001 schonn zesumme mat der Weltbank geholl huet, an zwar geet et do ëm d'Initiativ „Propper Loft fir asiatesch Stied“.

Net méi spéit wéi de leschten 10. Juni sinn deemem Projet aacht grouss Firme bäigetrueden, ënner anerem Shell a Ford. Dat ass u sech en neie Finanzéierungsmodell, esou wéi déi Verantwortlech vun där Bank dat och matgedeelt hunn. Da gëtt awer och versichert der Korrumpioun de Kampf iwwert de Wee vun där Institution unzesoen.

Wat elo de finanziellen Apport vu Lëtzebuerg ugeet, wëll ech net méi an den Detail agoen. De Rapporteur, deem ech iwwregens och nach merci soe wëll fir säi Bericht, huet dat jo ausféierlech gemaach. Natierlech kann ee sech d'Fro stellen, firwat dass mir deeselwechte Bäitrag musse leeschte wéi grouss Länner, zum Beispill d'Türkei, Spuenien oder Norwegen, op där anerer Säit kréie mer doduerch awer och déiselwecht Stëmmenzuel.

Ech wëll ofschléissend nach festhalen, dass mir eis als Demokratiesch Partei awer och dem Avis vum Conseil d'Etat ralliéieren, dass

et wichteg ass, dass mer dëst Gesetz am Kader vum Artikel 114 vun der Constitution stëmme, well een net dierf vergiesen, dass mer gegebenefalls eng Rei Souveränitätsrechter un eng Institution vun internationalem Recht ofginn.

Et ass jo bekannt, dass d'Demokratesch Partei e besonneschen Akzent op d'Entwécklungshëllef setzt. Dat gëtt jo duerch d'Politik vum Charel Goerens besonnesch bemierkbar an an deem Sënn hu mir och absolut kee Problem fir dëse Projet ze stëmme.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Jacques-Yves Henckes agedroen. Den Här Henckes huet d'Wuert.

M. Jacques-Yves Henckes (ADR).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et ass wichteg, dass Lëtzebuerg an internationale Gremie vertrauden ass an notament hu mer déi Politik och verfollegt an all deene Gremien, wou wirtschaftlech a finanziell Intérëten debattéiert ginn.

Et ass dofir och wichteg, dass Lëtzebuerg un den neie Gremien am asiatesche Raum deelhält an an deem Sënn bréngen ech den Accord vun der ADR-Fraktioun zu deemem Projet.

M. le Président.- Als leschte Riedner ass den Här François Bausch agedroen.

M. François Bausch (DÉI GRÉNG).- Här President, ech bréngen den Accord vu menger Fraktioun.

M. le Président.- D'Wuert huet elo den Här Budgetsminister Luc Frieden.

M. Luc Frieden, Ministre du Trésor et du Budget.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'Regierung ass dat hei e wichtige Projet. Dir wësst, dass d'Entwécklungspolitik - an dat soe mer och all Joers bei de Budgetsdebatten - en erkläertent Zil vun dëser an och där vieregter Regierung ass, dass do eng gewësse Kontinuitéit dra läit.

Et ass am Kader vun där Entwécklungspolitik, déi net nëmmen eng Politik ass vu Generositéit vis-à-vis vu Leit deenen et méi schlecht geet, mä och am Intérêt vun der Stabilitéit vun der Welt an dofir och an eisem eegenen Intérêt ass. Et ass am Kader vun där Entwécklungspolitik, wou mer déi bilateral Entwécklungshëllef hunn, déi virun allem vum Ausseministère geréiert gëtt, an dann hu mer déi multilateral Entwécklungshëllef, déi vum Finanzministère geréiert gëtt via eng Rei international Finanzinstitutionen. Dat heescht, deen Effort financier, deen Der de Mëtteg hei stëmmt, reit sech an an déi 0,84% vum Revenu national brut, dee Lëtzebuerg fir d'Entwécklungshëllef consacréiert. Et kann een net alles um bilaterale Wee maachen. Et muss een och en Deel um multilaterale Wee maachen. Dat wat mer hei maachen ass also complémentaire zu där bilateraler Hëllef, déi de Lëtzebuurger Stat gëtt.

Mir ware bis elo selbstverständlech an der Weltbank vertrauden. Mir sinn och an anere regionalen Entwécklungsbanke vertrauden. Mir waren net an der asiatescher Welt um multilaterale Plang vertrauden. Dat ass awer, mengen ech, net gutt gewiescht, well wann ee kuckt wou déi Aarm an der Welt wunnen, da gesäit een, dass zwee Drëttel vun der Aarmutt op der Welt am asiatesche Raum ass. Also méi wéi an Afrika a méi wéi an anere Regiounen vun der Welt.

Wat och gutt ass bei der asiatescher Entwécklungsbank, dass ass, dass ganz vill vun den Hëlfe, déi déi Bank gëtt, gekoppelt sinn un d'Performance vun de Bénéficiairen, dass also gekuckt gëtt, ob déi Länner, déi Sue kréien, eng bonne gestion économique hunn, gutt

Gouvernements hunn. Dorunner gekoppelt sinn also Kreditter, déi d'asiatesch Entwécklungsbank deene Länner gëtt. Ech mengen, dat ass e gudder Kritär fir se och selwer, déi aarm Länner, op hir eege Féiss stellen ze loossen.

Positiv, mengen ech, ass och bei der asiatescher Entwécklungsbank, an dat ënnerscheet se vläicht vun aneren, datt do Appels d'offres gemaach ginn un deene Lëtzebuerger Entreprises direkt kënnen en Intérêt hunn. Dat ass scho virduer ugeschwat ginn. D'Lëtzebuerger Économie profitiert also och dovunner, op d'mannst eng Rei vu Betriber, déi an esou Länner wëllen aktiv ginn. Si kënnen an deem dote Wee och en Intérêt gesinn, quité datt dat net eis Haaptmotivatioun ass fir dat do ze maachen. Mä ech mengen Entwécklungshëllef kann a soll och do wou et méiglech ass de Lëtzebuerger Betriber eppes bréngen.

Eng lescht Remarque, déi ech géing wëlle maachen an déi mer och net oninteressant ze si schéngt ass déi, datt mer hei och fir e puer Lëtzebuerger d'Méiglechkeet schafe kënnen bei d'asiatesch Entwécklungsbank schaffen ze goen. Mir sinn amgaangen dat genee ze kucken, mä dat wäert eppes fënn, sech Leit sinn, déi do kënnten eng Plaz kréien an ech mengen, datt dat eng flott Méiglechkeet ass fir jonk Leit, déi sech fir deen dote Secteur interesséieren, déi doranner eng Formatioun hunn, fir kënnen bei esou Entwécklungsbanken matzeschaffen.

Ech sinn am Numm vun der Regierung frou, datt hei an der Chamber dëse Projet schéngt eng unanime Zoustëmmung ze fannen. Et ass, wéi gesot, e wichtege Projet vun der multilateraler Entwécklungshëllef, dee complémentair ass zu där bilateral, déi mer all Joers hei, esouwuel bei der Erklärung iwwert d'Entwécklungspolitik, wéi och bei de Budgetsdebatten diskutéieren.

Ech soen lech merci.

M. le Président. - D'Diskusioun ass ofgeschloss a mir kommen zur Lecture vun den Artikelen vum Projet de loi 5105 a stëmmen driwwer of.

Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)

D'Artikelen 1 an 2 si gelies an ugeholl.

Mir stëmmen also elo of iwwert dee virleiende Projet.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Déi dofir si stëmmen mat Jo, déi aner mat Neen oder enthalen sech.

De Projet de loi ass eestëmmeg mat 58 Stëmmen ugeholl.

Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mme Marie-Josée Frank, MM. Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hupert, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Mme Fery Nicklaus-Faber, MM. Patrick Sarter, Marcel Sauber, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helming (par M. Niki Bettendorf), Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel (par M. Emile Calmes), MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach;

MM. Jean Asselborn (par M. Jeannot Krecké), Alex Bodry, Mme Mary Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Alex Bodry), MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi;

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen (par M. Jacques-Yves Henckes), Fernand Greisen (par M. Aly Jaerling), Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling et Jean-Pierre Koepf;

MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener (par M. François Bausch).

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

Da komme mer zur Diskussioun vum Projet de loi 5073 iwwert d'Spideeler. D'Riedezäit ass nom Modell 2 festgeluecht. Et si schonn ageschriwwen déi Hären: Halsdorf, Di Bartolomeo, Bettendorf, Colombero an Huss.

D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorablen Här Marco Schroell.

6. 5073 - Projet de loi modifiant la loi du 21 juin 1999 autorisant l'Etat à participer au financement de la modernisation, de l'aménagement ou de la construction de certains établissements hospitaliers

Rapport de la Commission de la Santé et de la Sécurité sociale

M. Marco Schroell (DP), rapporteur. - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Projet de loi 5073 ass den 18. Dezember 2002 vum Gesondheetsminister Carlo Wagner an der Chamber deponéiert ginn. Et handelt sech heibäi ëm eng éischt Serie Ëmännerunge vum Finanzéierungsgesetz vum 21. Juni 1999, dat dem Stat d'Méiglechkeet gëtt d'Modernisatioun vun eise Spidolsinfrastrukturen zu 80% matzefinanzéieren. Den deemolege Projet stoung kuerz virun deene leschte Wahlen hei am Plenum zum Vote.

Dëst neit Finanzéierungsgesetz ass néideg ginn nodeem sech no an no erausgestallt huet, datt déi deemoleg Estimatiounen, dat ware 25 Milliarden aler Frang, also bal 620 Milliounen Euro, wat d'Besoinen vun deenen eenzelne Spideeler betrëfft, net un d'Realiteiten ugepasst waren a vill ze niddreg ausgefall sinn. Dëst zum Deel, well déi néideg Devisen a Pläng fir déi insgesamt 15 Projeten net genuch ausgeschafft waren, well verschidden Equipementer net virgesi waren, mä awer och well nei Besoinen an nei Contrainten entstane sinn.

Den neie Spidolsplang aus dem Joer 2001, deen dës Regierung elaboréiert huet, huet deene Realitéit Rechnung gedroen a sech de Besoinen vum Spidolswiesen alignéiert. De Projet de loi, dee mer hei wäerten ofstëmmen, gëtt der Regierung d'Méiglechkeet hiren neie Spidolsplang konkret an d'Praxis ëmzesetzen.

(M. Niki Bettendorf prend la Présidence)

Här President, et besteet effektiv en Nohuelbedarf wat modern Spidolsinfrastrukturen hei zu Lëtzebuerg betrëfft. De Projet de loi huet also als Objektiv dës Situatioun ze verbesseren andeems d'Zommen, déi de Stat deblockéiert fir d'Modernisatioun vun eise Spideeler, eropgesat ginn. Heivu concernéiert sinn op där enger Säit schonns fäerdeg Konstruktiounen, wéi d'Häerzfondatioun beim CHL, op där anerer Säit geplangten Etablissementer wéi zum Beispill déi nei Clinique Dr Bohler um Kierchbiereg.

Ier ech elo op den Detail vun deenen eenzelne Projete wëll agoen, wollt ech nach preziséieren, datt meng Donnéeën sech op den Dossier vun de Servicer vum Ministère de la Santé baséieren, deen de Rapporteur kuerzfristeg zur Verfü-

gung gestallt kritt huet an déi ech esou objektiv wéi méiglech hei resüméiere wäert.

Wéi eng Adaptatiounen gesäit den heitege Projet dann elo konkret vir? Insgesamt si fënnf verschidden Etablissementer betraff. Erlaabt mer hei vläicht méi an den Detail ze goen.

Fänke mer u mam Centre hospitalier. Den initiale Montant vu ronn 47,5 Milliounen Euro gëtt erhéicht an zwar ëm ronn 4 Milliounen Euro fir d'Modernisatioun vun der Maternité Grande-Duchesse Charlotte an ëm ronn 34,1 Milliounen Euro eleng fir d'Kannerklinik. Dee relativ héije Montant, dee fir d'Clinique pédiatrique virgesinn ass, ass net iwwerdriwwen. Hei ass den Nohuelbedarf besonnesch grouss. Déi relativ al Infrastrukturen, d'Kannerklinik ass 1966 opgaangen, mussen integral moderniséiert ginn.

Scho Mëtt den 90er Jore gouf eng Modernisatioun vun der Kannerklinik an d'A gefaasst. 1997 sinn dann 300 Milliounen aler Frang, dat si ronn 7,5 Milliounen Euro, am Regierungsrot festgehal ginn fir dës Modernisatioun am Kader vum Ausbau vum CHL, ouni datt awer dëse Chiffer op engem präzise Konzept baséiert hätt. An deene Joren drop ass regelméisseg dës Enveloppe eropgesat ginn, bis datt den Avant-projet détaillé elo vu ronn 43 Milliounen Euro zrëckbehalen ginn ass.

Virun deem grouse Käschtepunkt ass virun engem Joer de Projet erëm eng Kéier un d'Stocke komm, fir eng eventuell Alternativléisung a Form vun engem Neibau ze präfen. Schlussendlech ass awer d'Propositioun vun enger Modernisatioun vun der jëtzege Kannerklinik an den Neibau vun enger Maternité an e puer Joer zesummen als e Centre mère-enfant zrëckbehalen ginn.

Dat Konzept vum Centre mère-enfant beinhaltet déi funktionell an déi geographesch Zesummeeleung vun alle Servicer, déi sech ronderëm de Puppelchen dréien, vu senger Konzeptioun un iwwert d'Schwangerschaft bis zur Gebuert an och no der Gebuert. Dazou gehéieren d'Procréation médicale assistée, d'Médecine fœtale, d'Iwwerwaache vu Risikoschwangerschaften, den Diagnostik prénatal, d'Prise en charge vum Neigebuerenen, deem gesonden an deem kranken, deem ënnergeviichtegen an deem fréi gebuerenen an deem, deen eventuell muss operéiert ginn.

Dat Ganzt soll funktionéieren an engem Kader, dee wuel héich technesch ausgericht ass, mä wou d'Mamm an de Papp an d'Geschwëster, wou also d'ganz Famill an engem convivialen Environnement voll ka mat abezu ginn. Déi moderniséiert Kannerklinik, déi elo etappeweis an dräi bis véier Joer fäerdeg soll sinn, ass also deen éischten Deel vun dësem Konzept Centre mère-enfant.

Um Rez-de-chaussée entsteet eng riseg Plattform fir déi ambulante Betreuung vun deene Klengen, sief et fir d'Urgencen, sief et fir déi, déi net ugemellt kommen, sief et fir déi programméiert Consultatiounen. Donieft entsteet eng Unitéit vun zéng Plazen Hôpital de jour, wou d'Kanner moies kommen an owes erëm heemginn no enger kuerzfristeger Beobachtung oder enger diagnostischer Prise en charge.

E kannergerechte Plateau médico-technique mat performanten Apparaturen compléiert dës Infrastruktur fir zum Beispill Häerzkrankheiten oder neurologesch Entwécklungsstéierungen an esou weider fréizäitig ze erkennen an ze behandelen.

Um éischte Stack entsteet eng Unité d'hospitalisation médico-chirur-

gicale fir grouss Kanner an eng fir kleng Kanner an dann de Service national de néonatalogie intensive an am selwechten Trakt eng Unité de soins intensifs fir déi méi grouss Kanner. Um zweete Stack gëtt eng Kannerpsychiatrie installéiert mat engem ambulanten an engem stationären Trakt. Spillzëmmeren, e Schoulsall, d'Physiothérapie an eng Cafeteria ginn och net vergiess.

Här President, Dir wësst jo, datt eng Gesellschaft dru gemooss gëtt wéi se hir eeler awer och hir jéngste Matbiereger versuergt. Wat déi heiteg Maternité Grande-Duchesse Charlotte ubelaangt, esou erlaabt dëst Finanzéierungsgesetz eng Mise en sécurité provisoire. Eng definitiv Sanéierung vum ganze Gebai zu Spidolszwecker ass awer net méi méiglech, esou datt à la longue dësen architektoneschen interessante Bau zu administrativen oder ambulanten medezineschen Zwecke genotzt gi wäert, deen Dag, wou déi nei Maternité funktionäreg ass.

Ze erwähnen ass awer, datt an dësem Gesetz d'Realisatioun vun engem FIV-Laboratoire, dat heescht vun engem Laboratoire de fécondation in vitro virgesinn ass. Dëse FIV-Laboratoire gëtt den Zentrum vun engem Service de procréation médicale assistée, deen et de concernéierte Koppelen hei zu Lëtzebuerg erlabe wäert eng Prise en charge ugebueden ze kréien an net méi dee lange Wee an d'Ausland maachen ze mussen.

Här President, eng weider finanziell Hëllef an dësem Gesetz ass virgesi fir d'Häerzfondatioun, dat heescht den Institut national de chirurgie cardiaque et de cardiologie interventionnelle, kuerz INCCI genannt. Hei geet et ëm d'Régularisatioun vun engem bekannten Dépassement vun der Enveloppe vun 1999, bedingt duerch Fräen, déi deemools net berücksichtegt goufen. Den initiale Montant, dee fir de Bau vun dësem Institut virgesi war, dat heescht ronn 4,9 Milliounen Euro, gëtt deemno ëm ronn 3,3 Milliounen eropgesat.

Ëmmerhin ass ze soen, datt den INCCI elo genee zënter zwee Joer funktionéiert mat engem allgemeng unerkannte Succès. A tel point, datt nëmmen ee Joer no der Ouverture schonn eng Vergrößerung vun de Raimlechkeeten ugefrot gouf.

Här President, d'Modernisatioun vun der Fondation Norbert Metz, Clinique d'Eich, kascht och méi wéi 1999 geschat gi war, notament weinst neie Sécherheetsbestimmung vum der ITM, awer och weinst neie Konzepter wéi zum Beispill d'Transformatioun vum fréiere Schwësterenhaus an e Centre de sénologie, dat heescht eng Infrastruktur fir den Diagnostik vu Broschtkrankheiten. Dëse Projet ass besonnesch interessant, well en à l'écart läit vum normale Spidolsbetrib a fir Fraen, déi jo meeschtens net krank sinn, de richtige Kader fir eng preventiv Ënnersuchung schafft.

Fir d'Modernisatioun vun der Eecher Klinik waren à l'origine ronn 12 Milliounen Euro virgesinn. Elo solle ronn 7,4 Milliounen dobäikommen. Hei feelt iwwregens e Saz a mengem schréftleche Rapport ënnert dem Punkt 2.3b, wou steet: «A cet effet, le montant prévu pour la modernisation de la Clinique d'Eich est augmenté d'un montant qui ne peut dépasser 4.598.559 €.» Do misst dobäikommen: «Par voie d'amendement gouvernemental ce montant est porté à 7.416.661 €.» Am definitiven Document parlementaire wäert dëse Saz och figuréieren.

Ze erwähnen ass nach, dass d'Clinique d'Eich zesumme mam CHL dëser Deeg eng Konventioun wäerten ënnerschreiwen, wou déi zwee Etablissementer d'Zesummeeleë vun all hire medezineschen a flegereschen Aktivitéiten beschléissen an domat e Groupement hospitalier vu 640 Better realiséieren.

Här President, nodeems an deenen nächste Wochen dat neit Spidol um Kierchbiereg, d'FFE, dat heescht d'Fondation François-Elisabeth opgeet, erlaabt dëst Gesetz och dee leschten Deel vum Kierchbiereger Komplex ze realiséieren, dat heescht den Neibau vun der Clinique privée Dr Bohler. Am 99er Finanzéierungsgesetz war ledeglech e Subside forfaitaire virgesinn an et ass eréischt duerno, datt den Avant-projet sommaire an zum Schluss den Avant-projet détaillé deen definitive Coût festgeluecht huet. Fir den Neibau vun der Clinique Dr Bohler um Kierchbiereg sollt de Stat laut dem 99er Gesetz 13,9 Milliounen Euro matfinanzéieren. Dazou sollen elo nach eng Kéier ronn 3,5 Milliounen Euro dobäikommen.

An der Clinique Dr Bohler entsti sech Kreessäll, een Operations-sall fir Césariennen, zwee Operationssäll fir gynäkologesch Agréfer, eng Pouponnière an 68 Better fir Fraen a Mammen, dovun 44% Eebettzëmmeren, en plus vu 4 Places de jour.

Eng Section de néonatalogie non intensive ass virgesinn am Kader vun der Pédiatrie am Hôpital du Kirchberg un dat d'Maternité Dr Bohler jo ugedockt gëtt. Ze notéieren ass nach, datt zënter September 2002 de Statut juridique vun der Clinique Dr Bohler geännert huet am Sënn vun enger Société anonyme, wou d'Fondation François-Elisabeth mat dru bedeelegt ass.

Här President, de Centre national de radiothérapie François Baclesse beim Escher Spidol ass dee leschten Etablissement, dee vun dësem Gesetz profitéiert. Hei geet et ëm en neie Projet, deen tel quel net am Gesetz vun 99 virgesi war an deen d'Extenssioun vun de Gebailechkeeten virgesäit. Déi néideg Vergrößerung soll mat ronn 19,2 Milliounen Euro matfinanziert ginn. De Centre Baclesse huet 1999 seng Dieren opgemaach mat zwee Accélérateuren, déi op e Volume vu Patiente baséiert waren, dee sech als staark ënnerschat erwisen huet. Schon 2001 goufe ronn 800 Patiente behandelt, wat e Maximum duergestallt huet a vill Leit mussen zënterhier erëm an d'Ausland iwwerwee ginn.

De Centre Baclesse proposéiert eng Extenssioun ze schafe fir zwee supplémentaire Accélérateuren ze installéieren, een elo direkt an ee méi spéit, fir am Joer 2010 eng Populatioun vun 710.000 Persounen, dovunner 480.000 zu Lëtzebuerg an 230.000 an der Groussregioun, behandeln ze kënnen. Dëse Projet d'extension berücksichtegt déi demographesch Entwécklung awer och déi steigend Heefegkeet vu radiosensible Kriibskrankheiten. De Projet soll zesumme realiséiert gi mat der Extenssioun vum Service des urgences vum Hôpital de la ville d'Esch.

Här President, an der Santéskommissioun ass mat Zefriddenheet festgestallt ginn, datt d'Regierung vill Wäert op d'Modernisatioun vun eiser Spidolsinfrastruktur leet. Insgesamt kommen eleng, wat déi heiteg fënnf Projete betrëfft, bal 72 Milliounen Euro par rapport zu der Finanzhëllef vum 1999er Gesetz dobäi. Et wäert awer net bei dësem heitege Projet de loi bleiwen. E weidert Finanzéierungsgesetz, wou et ëm aner Projete wéi deen neie Spidolskomplex um Kierchbiereg, déi nei Clinique St Louis zu Ettelbréck an de Rehazenter um Kierchbiereg geet, soll deemnächst déposéiert ginn. Och hei si weider Investissementer noutwendig am Sënn vun engem qualitativ héichwäerteg Spidols-wiesen.

Ech soen lech merci.

Une voix. - Très bien.

M. le Président. - Merci, Här Schroell. Den éischten ageschriwwene Riedner ass den Här Jean-Marie Halsdorf. Här Halsdorf, Dir hutt d'Wuert.